N°1746
Entrée le 11.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°1746 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwer d'Cooperatioun tëscht der Regierung an CASA a.s.b.l..**

**Ad 1)**

Virop ass et wichteg ze betounen, dass CASA asbl keng Konventioun mam Familljeministère hat oder huet, a keng Missioun am Optrag vum Familljeministère ausféiert oder ausgefouert huet.

Den Office national d'inclusion sociale (ONIS) huet iwwer Joren Leit an Aktivatiounsmesuren (travaux d'utilité collective - TUC) am Kader vum REVIS-Gesetz bei CASA asbl orientéiert. De 19. November 2024 huet den ONIS decidéiert, dës Zesummenaarbecht mat CASA asbl temporär anzestellen. Dëst nodeem verschidde Virwërf vis-à-vis vu CASA asbl, un den ONIS erugedroe gi sinn, déi de Verdacht vu gewëssen Irregularitéiten opgeworf hunn, an no Echangen mat der betraffener Asbl. Den ONIS huet dës Denonciatiounen un de Parquet weiderginn.

Déi lafend TUC-Mesuren sinn net erneiert ginn, an et fänke bis op Weideres keng nei TUC-Mesuren bei CASA asbl un. Wichteg ass ze betounen, dass fir all déi betraffe Persounen, déi an enger TUC-Mesure bei CASA asbl beschäftegt waren, eng aner Beschäftegung fonnt ginn ass.

**Ad 2)**

De Familljeministère huet der CASA asbl an deene leschte 5 Joer 1 Subside accordéiert, an Héicht vun 1.000 € fir hiren Evenement „Pour une Europe juste et solidaire" deen tëscht dem 1. a 15. Abrëll 2024 stattfonnt huet. Dëst war am Kontext vum Appel fir Subsiden fir ASBLen am Kader vun der „Je peux voter"-Campagne fir d'Europawalen 2024.

**Ad 3)**

De Kontroll vum Oflaf vun den Aktivatiounsmesuren geschitt engersäits iwwer monatlech Deklaratiounen vun de jeeweilegen Associatiounen, an anerersäits iwwer déi reegelméisseg Präsenz vun Regionalagenten (Agent régional d'inclusion sociale – ARIS) op der Plaz, déi de Suivi vun den eenzele Persounen, déi an enger TUC-Mesure sinn, assuréieren. Zanter de virgenannten Denonciatiounen si verstäerkt Kontrollen organiséiert ginn, op der Plaz (duerch d'ADEM an ITM) an am Gespréich mat de Leit, déi do an den Aktivatiounsmesuren affektéiert waren.

**Ad 4)**

Laut Informatioun vun der CASA asbl sinn hir Déngschtleeschtungen duerch dës Ännerungen an der Zesummenaarbecht net agestallt ginn. D'CASA asbl huet zum Deel Leit als Salarié iwwerholl, déi bis dohin am Kader vun enger Aktivatiounsmesure bei hinne geschafft hunn. Donieft sief drop higewisen, dass CASA asbl keng Aufgab a keng sozial Déngschtleeschtung am Optrag vum Familljeministère ausgefouert huet.

**Ad 5)**

Nee, gëtt et net. CASA huet allerdéngs e Rapport final vum Evenement „Pour une Europe juste et solidaire" op Demande vum Familljeministère geschéckt.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn